

Bisons fufés



fnel   
scouts & guides

DE BISON

1. TRIMESTER

2026/27

E klengt Wuert vun der Redaktioun



Dat neit Scoutsjoer steet virun der Dier! Domat erwaarden iech och an dësem Trimester vill flott Aktivitéiten: Typesch Versammlungen, fir e puer vun eis eng spannend Montée an de Jota-Joti. Mir freeën eis op eng schéin Zäit a flott Momenter all zesummen!

Fannt eis um Internet: Op **bisons.lu**, **Facebook** an **Instagram**.

Hei si mir ganz up-to-date mat Recaps an Erënnerungen un eis Aktivitéiten.

Gidd emol laanscht virwatzen an abonnéiert eis Säit! Sou verpasst dir keng vun de News oder Updates aus dem Grupp.




Facebook



Instagram



bisons.lu



Nach méi Wierder vun der Redaktioun



EISEN IWWERGANGSHOME

Leider gouf eisen alen Home zu Fréiseng ofgerappt. Dofir krute mir vun eiser Gemeng ee flotten Ersatzhome zur Verfügung gestallt. D'Adress vun dësem Home ass **6, Munnerëferstrooss L-5750 Fréiseng**.


WICHTEG: Beim Home ass kee Parking. Vue dass den Home bei der Haaptstrooss läit, biede mir lech bei der Gemeng ze parken an ze Fouss bei den Home ze kommen.

KOMMUNIKATIOUN MAT DE CHEFFEN

Wichtig Informatioun: Wann Dir Froen un eis hutt, da wëlle mir lech drop hiweisen, dass d'Kommunikatioun mat de Cheffe per Mail funktionéiert. De Cheffen hier privat Nummere stinn lech just an **Noutfäll** zur Verfügung.



Grupp allgemeng



WELKOMMEN ECH AN D'VERSAMMLUNG?

- Dem Wieder ugepasste Kleetung, déi darf knaschteg ginn
- Fest Schong
- E Bidon mat Waasser
- 5 Saache vum Wëllefchen/ Scoutsbichelchen
- De Foulard net vergiessen!

D'VERSAMMLUNGEN

Eis Réunioun si Samschdes:

- Fir d'Wëllef an d'Scouten vu 16.00 bis 18.00 Auer
- Fir d'Explorer vun 18.00 bis 20.00 Auer

ADRESSEN

Eisen Iwwergangshome:

6, Munnerëferstrooss
L-5750 Frisange

De FNELshome um Cents:

61 A, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg



Gruppenews



Et gött Nowuess bei de Bisons!

Eis Bisonsfamill gött méi grouss: Mir heeschen de Charel härerlech wëllkomm a wënschen him a sengen Elteren, dem Joëlle an dem Tom, alles Guddes!

Och de Pol mëscht eis Scoutsfamill méi grouss: D'Bisons heeschen hien härerlech wëllkomm a wënschen him a sengen Elteren, dem Nadine an dem Patrick, alles Guddes!



FNEL News an Infos



DE SCOUTSSHOP

Alles wat der braucht, fannt dir am **Scoutsshop** vun der FNEL:
De FNEL Scoutsshop ass rem all **Donneschden vu 17h00 bis 19h00**
op, ausser an de Schoulvakanzen.

Address:

FNEL Scouten
61 A, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg



Hei de Link fir den **Onlineshop** vun der FNEL. Et lount sech eng
Kéier luussen ze goen:
<https://shop.fnel.lu>

WICHTEG NUMMEREN



Mustela (CG): +352 621 392 662

Otus (ACG): +352 621 728 951

FNEL: +352 26 480 450




Fotoréckbléck - Marche gourmande



Fotoréckbléck - FEWECA



Fotoréckbléck - Summercamp 2026



Interview mat de Gruppecheffen



Fir dës Editioun vum Bison, hu mir en exklusivt Interview mat eise Gruppecheffen gefouert. Vill Spaass beim Liesen!



1. Säit wéini sidd dir Gruppecheffen?

Mustela: Ech sinn säit dem Scoutsjoer 2022/23, also seit 4 Joer Gruppecheffin an ee Joer dovun als dem Otus säin Adjoint.

Otus: Ech si säit dem Scoutsjoer 2020/21 Gruppechef (adjoint), also elo scho 6 Joer.

2. Wat sinn d'Aufgabe vun engem Gruppechef?

Mustela/Otus: Haaptsächlech organisatoresch an administrativ Aufgabe, wéi zum Beispill Kommunikatioun tëschent eise Cheffen, dem Comité an der FNEL. Besonnesch wichteg ass et fir eis d'Intresse vun eise Cheffen ze verrieden. Ënner anerem och deenen néie Cheffen ze hëllefe, fir hier Formatioun erfollegräich ofzeschléissen. Mir sinn och fir d'Wuelbefanne vun eise Cheffen do, déi sech bei all Probleem ëmmer un eis wende kënnen. Trotzdeem si mir och, souwäit mir d'Zäit hunn, an de Versammlungen aktiv a plange Gruppecampen wéi de Summercamp 2026. An natierlech, wéi bei all Chef, ass fir eis dat wichtegst Spaass um Benevolat ze hunn! :)

3. Wat maacht dir am léifsten als Gruppechef? Wat am mannste gär?

Otus: Am léifste sinn ech op Aktivitéiten aktiv als Chef dobäi déi ech selwer am Virfeld mat geplangt hunn. Am mannste gäre schreiwen ech Mailen.

Mustela: Ech ka mech deem just uschléissen, et ass ëmmer schéin de Feedback vun de Kanner no engem Gruppecamp z.B. ze kréien, dass se de Camp mega cool fonnt hunn an sech déi ganz Aarbecht gelount huet. Fir mech sinn d'Maile schreiwen och déi Aufgab déi ech am mannste gäre maachen, mee dofir hunn ech jo den Otus, deen dës Aufgab fir eis iwwerhëlt. ;)

4. Wat war äre Lieblingsmoment als Gruppechef?

Mustela: Ech mengen ech hu keen ee Lieblingsmoment als Gruppechef. Ech sinn einfach frou fir all Moment, dee mir als Cheffen zesumme verbréngen an dass mir esou eng gutt Cheffenekipp hunn. Ech sinn einfach frou eppes fir déi Jonk kënnen ze maachen an all de Cheffe vläicht e puer „nervig“ Aufgaben ofzehuelen.

Otus: Meng Lieblingsmomenter als Gruppechef sinn ze gesinn, dass déi Kanner, déi een als Wëllefchen/Scout kennegeléiert huet elo selwer eng Chefferoll iwwerhuelen an dobäi eng richtig gutt Aarbecht maachen.



Op der nächster Säit geet et weider!

Interview mat de Gruppecheffen



5. Dir heescht Mustela an Otus. Wat bedeuten déi Nimm?

Mustela/Otus: Eis Nimm ginn als "Totem" bezeechent. Dat ass ee Numm deen d'Eegenschafte vun enger Persoun unhand vun engem Déier an engem Adjektiv representéiert. An de Bisons Futés ginn et 18 Membere mat engem Totem, an zu all Moment kéinten déi Nächst verdeelt ginn. Dat wëssen ëmmer just déi, déi schonn een Totem hunn, well si och déi sinn, déi déi nächst Leit raussichen.

Otus: Mäin Totem ass Otus nerveux – eng Eil, fir genau ze sinn eng nervös Zwerghuereil.

Mustela: Mäi kompletten Numm ass Mustela pataude – also en ongeschéckte Mauswisel.



6. Wee gött totemiséiert?

Mustela/Otus: Prinzipiell gi just Memberen aus dem Grupp totemiséiert, déi laagzäitesch aktiv sinn an/oder duerch besonnescht Engagement erausgestach sinn. Fir engem e passenden Totem ze gi muss een déi Persoun natierlech gutt genuch kennen a genau wësse wat hier positiv an negativ Eegenschafte sinn.

7. Wat geschitt bei enger Totemiséierung?

Mustela/Otus: Dat ass e Geheimnis wat dir just gewuer gitt soubal dir ären eegenen Totem kritt.

8. Eng lescht Fro: Op wat freet dir iech am neie Scoutsjoer?

Otus: Besonnesch freeën ech mech dorobber endlech den néie Scoutshome anzeweien a vill néi Erënnerungen an dem Gebai mat neien an ale Scoutskolleegen ze maachen.

Mustela: Ech freeë mech ob e genau esou flott Joer wéi soss an ech si frou dass ech ab dësem Joer erëm méi am Land sinn a méi an d'Versammlunge ka kommen. An d'selwecht wéi den Otus sinn ech ganz gespaant ob onsen neien Home an deen éischte Camp dee mer do wäerten hunn, mee do wëll ech elo net ze vill veroden;)

Redaktioun: Merci, dass dir iech d'Zäit geholl hutt, fir eis dee spannenden Interview ze ginn. Mir si frou, dass dir eis Gruppecheffe sidd an iech esou engagéiert fir de Grupp asetzt!



Eis Cheffen



EIS WËLLEFCHERSCHEFFEN



WELLEFCHER@BISONS.LU



Oo (Kayla), CM



Ikki (Gabriela), CM



Kotick (Sarah)



Tha (Aur lie)



Akela (Selena)



Baloo (Pol)



Mysa (No mie)



Rikki-Tikki-Tavi (Lenny)



Eis Cheffen



EIS SCOUTSCHEFFEN



SCOUTEN@BISONS.LU



Kelly, CT



Denis



Kassandra



Mia



Charles



Anika



Lenny




Olivier



Noémie



Kaé



Thibaut



Julia



Eis Cheffen




EIS EXPLORERRESPONSABEL

EXPLORER@BISONS.LU

EISE ROVERRESPONSABELEN


ROVER@BISONS.LU



EIS TEMBORESPONSABEL

EIS GRUPPECHEFFEN

GRUPPECHEF@BISONS.LU



Otus, ACG



Mustela, CG



Wëllefchersprogramm



LU: Léif Wëllef, léif Elteren,

No enger hoffentlech erhuelsamer
Summervakanz, erwaarden iech am
neie Scoutsjoer e flotte Programm
mat spannenden Abenteuer.

Du bass motivéiert, deng
Scoutskenntnisser dengen Frënn ze
weisen? Dann freeë mir
eis drop, dech an onsem Ruddel
wëllkomm ze heeschen!

Eis Versammlung si wéi gewinnt vu
16.00-18.00 Auer zu Fréiseng am
Scoutshome.

Fir d'Versammlung brauchs du

- Dem Wieder ugepasste Kleeder,
déi och kënne knaschteg ginn
- E Bidon mat Waasser
- Dem Wëllefchen seng 5 Saachen

Bei wéider Froen kontaktéiert eis per
Mail: wellefcher@bisons.lu

Lénks Patt,
Är Cheffen

FR : Chers Louveteaux, chers parents,

Après les vacances, qui nous l'espérons
ont été reposantes, un programme
amusant et riche en aventures vous
attend lors de cette année scout.
Tu es motivé pour montrer tes qualités de
scout avec tes amis ?

Alors nous nous
réjouissons de vous accueillir dans notre
meute! Comme d'habitude, les réunions
ont lieu de 16h00 à 18h00 à Frisange
au chalet des scouts.

Pour les réunions, tu auras besoin :

- De vêtements adaptés à la météo !
- D'un bidon
- Des cinq affaires du louveteau

Pour toutes questions, contactez-nous via
courriel : wellefcher@bisons.lu

Patte gauche,
Vos chefs



Wëllefchersprogramm



19.09.	Porte-Ouverte
26.09.	Versammlung
03.10.	Versammlung / Montée*
10.10.	Versammlung
17.10.	Jota-Joti
24.10.	Versammlung
31.10.	keng Versammlung - Vakanz
07.11.	keng Versammlung - Vakanz
14.11.	Versammlung
21.11.	Assemblée générale*
28.11.	Versammlung
05.12.	Versammlung
12.12.	Versammlung & Wanterveillée*
19.-23.12.	keng Versammlung - Wantercamp*

* Weider Informatiounen kommen no.



Fotoréckbléck - LX



Scoutsprogramm



19.09.	Porte-Ouverte
26.09.	Versammlung
03.-04.10.	Montée*
10.10.	Versammlung
17.-18.10.	Jota-Joti*
24.10.	Versammlung
31.10.	keng Versammlung - Vakanz
07.11.	keng Versammlung - Vakanz
14.11.	Versammlung
21.11.	Assemblée générale*
28.11.	Versammlung
05.12.	Sortie*
12.12.	Versammlung
27.-30.12.	Wantercamp*

*Informatione kommen no.



Fotoréckbléck - SC



Explorerprogramm



19.09.	Porte-Ouverte
26.09.	Versammlung
02.-03.10.	keng Versammlung
10.10.	Versammlung
17.10.	Jota-Joti*
24.10.	Versammlung
31.10.	Halloweenquiz*
07.-08.11.	Raid*
14.11.	Versammlung
21.11.	Assemblée générale*
28.11.	Versammlung
05.12.	Sortie*
12.12.	Versammlung
28.-30.12.	Wantercamp*




*Informationen kommen no.

Fotoréckbléck - EX



Funfacts




Den héichste Bierg zu Lëtzebuerg ass d'Kneiff mat enorme 560m iwwert dem Mieresspiegel. Zum Verglach: De Mont Blanc, héichste Bierg aus Europa, huet 5642m.

D'chinesesch Alphabet besteet aus iwwer 50.000 Schrëftzeechen an ass domat dat gréissten op der Welt.




Oktopusse si super schlau! Si kënnen Probleemer léisen, Geschier benotzen a léieren immens schnell.



D'Kleopatra huet méi no un der Erfindung vum iPhone geliewt, wéi um Bau vun de Pyramiden.

Lëtzebuerg ass kleng, mee flächeweis passen trotzdem Liechtenstein, San Marino, Malta, Andorra, Monaco, de Vatikan a Singapur zesummen eran.



LX - Gëff Reporter!



Du bass interesséiert, de **Reporter-Badge** ze kréien? Da pass elo gutt op!

Wann's du eis Zeitung, de Bison, dëst Joer iwwer déi dräi Trimester opmierksam verfollegs, kanns du um Enn vum Wëllefchersjoer de Reporter-Badge kréien. Dofir muss du all Trimester eng kleng Missioun erfëllen. Zum Schluss vum Scoutsjoer kanns du dann zesumme mat dengem Cheffen kucken, ob's du all d'Aufgabe gemeeschtert hues an de Reporter-Badge erfollegräich verdéngt hues.


Fir dëst Trimester waart dës kleng Aufgab op dech: Entschlëssel déi folgend Geheimbotschaft!



. - / - / - . / - - - - - / . - . /
- / . - / - / - - -



Rätselpaass



1. Dëst Adjektiv beschreiw d'Mustela.
2. D'Alphabet aus ... huet iwwer 50.000 Schrëftzeechen.
3. Hei ware mir um Summercamp.
4. Dorunner hunn d'Explorer d'lescht Joer fläisseg geschafft.
5. D'Scoute hunn um Ouschtercamp eng Ausbildung zum ... gemaach.
6. Dëst Adjektiv beschreiw den Otus.
7. D'Wëllefcher hunn dem ... gehollef fir an d'Joer 3756 ze kommen.
8. D'Hauptstad vu Liechtenstein ass ...
9. Dës Planz hëlleft géint Moustiquestéch.
10. Esou heescht eise Chefscout.



Bis geschwënn!

